

Den Här Historiker huet eng am Biz

Den Här Historiker huet eng am Biz. De Vollmound steet genee téschent de Kathedraalstiirm. „T mengt een, du häss Ieselsouren“ seet den Här Historiker zum Vollmound téschent den Tiirm. Den Här Historiker tiirkelt hannert dem Fiüsschen d'Knuedlertrap rop. Wat steet eigentlech do geschriwwen? De Vollmound hëlleft him: „Mer pleckten Abrikosen un allen Hecke ger; wie geht nun ower praffen am Bambösch d'Schle-wender?“

„T muss aus dem „Renert“ sin. Hat ech ni richteg gelies. As och egal.

Wat as dann dat do?!

Den Här Historiker fiert sech mam Grapp iwwert d'ganz Gesiicht.

De Fiüsschen as nët méi do!

Huet nees een dee geklaut? Ech hun eng un. Mä 't déngt näischt, dee sëtzt wiir- klech nët méi drop, ech misst en dach gesinn!

Wat as hei lass?!

Hal ee mech un, lo fueblen ech! Wat as da mat de Léiwen?! Déi kann dach nët och ee geklaut hun! D'Gemengentrap as eidel. Eidel! Huet da keen dat bemierkt? Keen! „T wunnt jo och bal keen hei!

Den Här Historiker kënnt an de Schweess. Hie geet bis bei d'Trap a kuckt no lénks, no riets, dann nees no lénks, mä 't déngt näischt, dem Tremont séng Béische sin duurch d'Bascht.

Jeejeejee, muer wann en erwächt, as alles riwwer, da steet nees alles op sénger Plaz.

Wat hun ech dann nëmme gedronk?!

Den Här Historiker setzt sech op en Träppléck.

Den Här Historiker steet nees op. Wéi wann en der réischt zwanzeg wir. Hie steet poulriicht. De Schweess fréiert him an der Akaul.

„T gët him onheemlech. Hei leeft eppes. Wien huet dat Päerd rofgeholl? Dat do gët Buttéck! Police!

Hien hëlt d'Telefonskabin ferm an d'Aa, mä zéng Schréck virduro bleibt e ston, wéi ugewuuzelt. D'Héngerhaut kräicht him de Réck rop.

Do op der Bänk sëtzt een. Den Här Historiker weess och, wien et as, de Vollmound schéngt deem, deen do sëtzt, matzen op de Kapp. Ma sécher, um Schouss huet en den Hutt leien.

Deen op der Bänk réiert keng Oder am Leif.

„Wëllem, bas du et?“

Vun de Kathedraalstiirm rof bimmelt d'Klackespill, da falen d'Stonneschéi. „T

as Mëtternuecht a Vollmound.

Mä de Wëllem sëtzt do, wéi op d'Bänk gegoss.

Den Här Historiker geet zréck- uetes, ee Schrack nom aneren.

Hannert him héiert en de Bur lafen. Hie léisst de Wëllem nët aus den Aan. Hie stéisst mam Fouss widder eng vun de Bänke ronderëm de Bur. Um Eck vum Bur sëtzen am gewéinlechen zwou kleng bronzen Dauwen, déi sin och fort, mä dat fällt dem Här Historiker nët op. Déi hat en ni an uecht geholl.

Hien erfieiert bis an d'Muerch. Schréck um Pawee! Schréck aus Eisen! De Wëllem kënnt lues op en dur. Da's keen Dram a kee Gespenst. En huet den Hutt am Grapp. Op dräi Schréck bleibt e ston. Séng Aa sin nët ze gesinn, mä den Här Historiker weess, datt de Wëllem hien lo riicht an Gesiicht kuckt.

Dem Här Historiker geet de Mond op, ouni, datt en derfir kann.

„Wuer sin s'all hin?“

De Wëllem dréit sech lues no riets a weist op de Palais.

„Géi op de Krautmaart, an der Cham- ber brennt nach eng Luucht.“

„An der Chamber?“


„Do sin se. Dem Kaempff-Kohler säi Wëllschwäin as och mat.“

„An d'Chamber?“

„Do liest en hinnen aus séngem neie Buch vir.“

„Wien, Wëllem? Wien?“

„De Fiüsschen! All Mount bei Voll- mound.“



„De Fiüsschen?“

„Aus dem «Renert II». „T gët Zäit, datt ech nees schreiwen, seet de Fiüsschen. Géi, gläich kommen se rëm, ech héiere mäi Päerd.“

Mueres as den Här Historiker rëm niichter. D'Sonn steet téschent de Kathedraalstiirm, wéi en iwwer de Knuedler geet.

Alles sëtzt oder steet nees op sénger aler Plaz.

„Renert II“! Jeejeejee, wou kann ech nëmnen sou saufen!

Den Här Historiker huet sech nees ganz an der Gitt.

Josy Braun